

## Journée de la Santé au LTAM le 14 décembre 2009

Cette année le sujet de la Journée de la Santé était la prévention contre le Sida. Nous tenons à remercier toutes les intervenantes de la journée, à savoir Mmes Diane Groff (SPOS LTAM), Claudia Pedroso (Aidsberodung) et Mme Vinandy (Planning Familial).

Up2date a eu la chance de rencontrer Mmes Pedroso et Vinandy:

**Up2date:**

Mme Pedroso, wéi vill Leit sinn HIV-Positiv hei zu Lëtzebuerg?

**Mme Pedroso:**

Zur Zäit sinn zu Lëtzebuerg ëm déi 800 Leit HIV-Positiv. Déi Zuel ass déi offiziell, et liewen awer och Leit mam HI-Virus déi et awer nach net wëssen.

**Up2date:**

Wéi vill Leit hunn sech dëst Joer infizéiert zu Lëtzebuerg?

**Mme Pedroso:**

Dat kann een nach net sou genau soe, well d'Joer nach amgaangen ass. Bis ufanks November waren awer ca. 58 Leit infizéiert. Lëscht Joer waren et der 68. Dat ass bëssi méi wéi ee pro Woch.

**Up2date:**

Wéi infizéieren sech déi meeschte Leit? Sinn vill Jonker dobäi?

**Mme Pedroso:**

Déi meeschte Leit infizéieren sech duerch ongeschützte Sex, an déi meescht sinn heterosexuell. Lescht Joer sinn 3 Persounen ënnert 20 Joer un HIV erkrankt. De Jéngsten ass 16 Joer al.

**Up2date:**

Wisou ginn nach ëmmer Leit infizéiert? Gëtt net genuch Präventioun gemaach?

**Mme Pedroso:**

Dat ganzt Thema ass nach ëmmer ee groussen Tabu an der Gesellschaft. Et gëtt

ze wéineg doriwwer geschwat. Et gi vill, an och op ville Platze Präventioun gemaach, mee awer net genuch.

**Up2date:**

Wat ass d'Missioun vun der Aidsberodung?

**Mme Pedroso:**

D'Aidsberodung huet vill Missiounen. Mir ginn a Lycéeën an an 6 Schouljoeren, an de Prisong an a Jugendgruppen Präventioun maachen, fir déi Jonk an erwuesse Leit iwwert HIV an Aids opzeklären. Mir gi sekundär Präventioun fir Leit déi schon infizéiert sinn. Mir hunn eng psychologisch Betreierung fir infizéiert Leit, vir dass si léieren domatten eenz ze ginn, an och vir Leit, déi ouni Pabeieren hei am Land sinn. Mir hëllef hinnen Genehmigungen ze kréien fir hei dierfen ze wunnen an betreit ze ginn. Mir hunn Erzéier déi mat de Leit Aktivitéite man, mat hinnen bei den Dokter ginn, virun allem wann si eis Sproch net gutt verstinn. Et gëtt och ee Foyer, fir z.B. Leit déi aus dem Prisong kommen an den Virus hunn opzehuelen. Sie kënnen do wunnen bis si eng Wunneng an eng Aarbecht fonnt hunn.

**Up2date:**

Wat fir ee Message gitt dir gären de Jonke mat op de Wee?

**Mme Pedroso:**

Kondom ass cool. Et soll een ëmmer ee Kondom benotzen, egal wei gären een sech huet. Well ee Kondom ass dat sécherst Verhütungsmittel géint den HIV. Wann een sech ganz sécher an der Beziung ass, kënnen béid Partneren ee gratis HIV Test maachen, an dann de Kondom op der Säit loos-sen.

**Up2date:**

Mme Pedroso, mir soen iech villmools Merci fir dëst Gespréich ■

Georges Weber



## Remise de chèque au bénéfice de la Fondation Luxembourgeoise contre le cancer

De Mëttwoch, 27. Januar, war am LTAM eng Scheckiwwerrechung. Dank dem Optrëtt vun eise Schüler bei Ars Musicae am Mee, gouf ee Don fir Kriibsfuerschung gesammelt. D'Madame Véronique Schaber huet der Madame Prost-Heinisch, Presidentin vun der Fondation Luxembourgeoise contre le Cancer, ee Scheck iwwerreicht.

**Up2Date:**

Wei sidd dir op d'Idee komm ee Spektakel, fir ee gudden Zweck ze organiséieren?

**Madame Diederich:**

Di Iddi koum vu de Schüler. D'Mme Hilger hat d'Iddi, ee vun hiren deemolegen 12e Schüler (Decorateurs Klass), de Bezo Cosic, mat anzubauen: hien hat den Jugoslawien-Krich materiel an setzt Rap/Hip-Hop an, fir seng Erlebnisser ze verschaffen. A senge Lidder riff hien eis zum Fridden op, wéll mir guer net wëssen, wéi gutt mir et hunn. Mir hunn dunn Biller vun dësem Krich am 1. "Musical" vun AM 08 agebaut, an d'Schüler hunn duerch seng Erzielung réischt verstan, wat et heescht, am Krich ze liewen. Si hu verstan, dass Krich eppes anescht ass wéi bei engem Videospill. De Wonsch vun Bezo an dem Anne-Marie Dormio, fir eisen Erléis un e gudden Zweck ze spenden, also fir Leit, deenen et vill méi schlecht geet wéi eis, wou mir dach alles hunn, wat mir brauchen, huet di aner Schüler iwwerzeegt an sou koum et zu dëser Iddi. D'Schüler hunn also decidéiert, dass si léiwer wollten aneren hëllef, wéi selwer op en Ausfluch ze goen. Dat 1. Joer hu mir un en SOS-Kannerduerf an der Heemecht vum Bezo gepend. D'Geld sollt genau do ukommen, wou den Schued, deen mir am Musical duergestallt hunn, passéiert ass.

**Up2Date:**

Wisou grad Fondation luxembourgeoise contre le cancer?

**Madame Diederich:**

D'Joer drop wollten d'Schüler, virun allem d'Anne-Marie Dormio an de

Yannick Schumacher un dëser Iddi festhalen. D'Iddi war déi, dass all Mënsch Leit kennt, di Kriibs hunn an jiddweeren Angscht virdrun huet, well et jo ouni Virwarnung jidderee quasi zu all Moment treffe kann. Well dat eis all Angscht mécht, wollte mir iwwer dëst Thema schwätzen an d'Schüler wollten ee Theater-Musical opféieren, déi dëst Thema duerstellt. Fir dëst op eng iwwerzeegend Art a Weis ze maachen, huet eis d'Fondatioun gehollef. Et war domadder vu vir era kloer, dass mir dann och hier Aarbecht ennerstëtzen wëllen. Esou koum et dann derzou, dass mir hinnen Enn Januar de Scheck vun AM09 iwwerreche konnten.

Den Up2date konnt sech och nach mat der Mme Prost-Heinisch vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer ennerhalen.

**Up2Date:**

Wat ass genau d'Missioun vun der Fondatioun?

**Madame Prost-Heinisch**

Et ginn e puer Missiounen vun der Fondatioun. Mir maachen Präventiounen zum Thema Kriibs, also mir klären Leit ob. Et gëtt den Leit, di Kriibs hunn, gehollef, op psycheschem a moralesche Plang. Ausserdeem ennerstëtze mir finanziell d'Forschungen géint de Kriibs. Well mir neutral schaffen an net komplett vum Staat ofhängeg sinn, sinn 80% vum Akommen duerch Spenden, wei vun Iech duerch den Ars Musicae.

weider op der Säit 2



#### Up2Date:

*Kann een sech, sou ze soen, géingt Kriibs „schützen“?*

#### Madame Prost-Heinisch:

Nee, net zu 100%, mee et kann ee vill maachen fir de Risiko ganz kleng ze halen. Bei engem Drëttel vun den Leit déi un Kriibs akrankt sinn, war d'Ursach duerch fëmmen, 2% duerch Alkohol an 2% duerch Mangel un Bewegung an duerch schlecht Ernährung. Wann een fëmmen an Alkohol weg léisst, sech mei beweegt an gutt ernährt, ass den Risiko un Kriibs schon vill méi geréng. Et gëtt och recommandéiert, dass jonk Meedercher sech tëscht 12 an 15 Joer géint den Gebärmutterhalskriibs sollen Impfen loosse.

#### Up2Date:

*Wat sinn di heefegst Kriibsarten zu Lëtzebuerg?*

#### Madame Prost-Heinisch:

Bei der Fra ass de verbreedsten Kriibs de Broschkriibs an den Daarmkriibs. Beim Mann ass et den Prostate an Daarmkriibs. All Joer ginn et 2000 nei Kriibsfäll zu Lëtzebuerg.

Wichtig ze soen ass och, dass ganz vill Leit, Kriibskrankleit quasi mam Doud gläichstellen. Mee dat stëmmt net, well ëmmer méi Leit duerch Chemotherapien kënnen geheelt ginn.

#### Up2Date:

*Wat fir ee Message gi dir de Jonken gär mat op de Wee?*

#### Madame Prost-Heinisch:

Mäi wichtigsten Message dee mir ganz wichtig ass, ass dass ee net ufänke soll mat fëmmen, beziehungsweise am Beschten ophalen soll. Et ass och wichtig, sech méi iwwert Kriibs ze informéieren.

#### Up2date:

Mme Probst, Mme Diederich, mir soen iech villmools Merci fir dat Gespréich ■

Georges Weber

»Be Creative« heescht déi nei Rubrik déi an noer Zukunft wäert an eiser Schülerzeitung ze fanne sinn. Ëm wat et lo do genau geet ass séier erkläert! Dir hutt en Bild gemoolt, en Gedicht geschriwwen en Projet op Been gestallt oder soss eppes wat an iergendenger Art an Weis mat kënschtlerechem Geescht ze dinn hutt an wësst net wéi dir der Welt iech Wierk kennt presentéieren? Genau do komme mir an d'Spill: schéckt eis einfach ären Text oder är Foto(en) mat enger klenger Beschriewung un [up2date@ltam.lu](mailto:up2date@ltam.lu) an mir stelle ärt Wierk an onser Zeitung fir.

**Dir sidd gefrot, weist der Welt wat dir kënt!**  
**Interesséiert fir mat ze maachen?**  
**Da kommt Mëttwochs um 12h00 an den Sall 028!**  
**Gitt och dir Reporter oder Fotograf fir den Up2date!**

Redaktioun: Caroline Wagner, Georges Weber, Kevin Nilles, Olivier Delvaux, Pit Weber,  
Chefredakter: Tonia Lech  
Layout: T5OP; Tom Hecker, Aline Hempel, Linda Motzer-Klucsarits  
Impression: LTAM

# Mir stelle vir: Groupe Mediatioun

[www.ltam.lu/mediatioun](http://www.ltam.lu/mediatioun)

*Vielleicht hast du schon vom „Groupe Mediatioun“ im LTAM gehört. Das Up2date-team stellt euch diese Gruppe vor.*



*Wer gehört dem „Groupe Mediatioun“ an? Es handelt sich um 4 Schüler – Georges Weber (X2EC), Kevin Nilles (X2EC), Jérôme Reding (T1IF), Daniel De Abreu Pais (T1IF), und Tim Theisen (TOAR2) die zu Streitschlichtern ausgebildet wurden.*

*Wann kann man auf sie zurückgreifen? Falls es Streit in deiner Klasse gibt oder ein Schüler gemobbt wird, kannst du dich an die Streitschlichter wenden.*

*Wie helfen sie? Die Streitschlichter versuchen in einem persönlichen Gespräch*

*herauszufinden, warum es zum Streit zwischen den Schülern gekommen ist. Danach werden noch weitere zwei Gespräche mit all den Betroffenen geführt, bis der Konflikt beigelegt wird, oder bis es nicht mehr zu Mobbing kommt. Es wird auf jeden Fall eine Lösung gefunden. Wichtig ist es, dass die Schüler sich freiwillig bei den Streitschlichtern melden. Die Initiative darf also nicht von den Lehrern ausgehen, sondern die Schüler selbst müssen sich eine Änderung wünschen.*

*Was bringt die Prozedur? Nachdem die Streitschlichter sich der Sache angenommen haben, gibt es meistens eine positive Entwicklung. Der Streit zwischen den Schülern wird beigelegt, und es kommt nicht selten vor, dass frühere Streitbühnen jetzt zusammen zu Mittag essen.*

*Wie kann man Kontakt mit den Streitschlichtern aufnehmen?*

*Du kannst :*

- eine Email an [mediation@ltam.lu](mailto:mediation@ltam.lu) verschicken
- die Streitschlichter persönlich ansprechen
- eine Nachricht im Briefkasten vor dem SPOS hinterlassen.

**Aufruf!!** Wir brauchen dringend noch weitere Streitschlichter. Hast du vielleicht auch Lust dazu? Dann melde dich bei uns ■

## Interview mat der Mme Nadine Vinandy, Planning Familial



een Enseignant ass et och méi einfach doriwwer ze schwätzen wéi iwwer intim Froen. Et gëtt jo och schliisslech all Joër doriwwer geschwat.

#### Up2date:

*Wat misst gemaach ginn, fir dass di Jonk besser informéiert ginn och iwwer Sexualitéit?*

#### Mme Vinandy:

Et soll ee Kanner net mat Informatiounen bombardéieren, an och net mat Informatiounen, déi se net verstinn.

Elteren hunn och oft Angscht dass Kanner pervertéiert ginn oder een Saachen seet déi se duercherneen maachen. Dat Wichtigst ass awer de Respekt, d'Toleranz an d'Vertrauen tëschent de Kanner an hiéren Elteren. Et diérf een och net vergiessen, dass d'Elteren gewësen Responsabilitéiten hunn, notamment vis-à-vis vun der Verhütung vun hieren Kanner. Et heescht net, dass wann een 12-13 Jähriger opklärt, dass sie da schons déi éischt sexuell Erfahrung mëcht. D'Kanner an der Primärschoul, wëllen schons wëssen, wou Kanner hierkommen.

#### Up2date:

*Wéi kënn dir den Jugendlechen hëllefen? Waat erwaarden Jugendlecher vun iech?*

#### Mme Vinandy:

Di meescht kommen bei den Dokter fir Verhütung. Et kommen och Meedercher, déi vill Péng hunn bei der Regel.

Natiirlech wëllen se och wëssen wéi se verhüte kënnen wann se een Partner hunn. Se kommen och net ëmmer alleng mä mat Partner oder och Elteren. Natiirlech soen mir och ëmmer, dass alles diskret behandelt gett. An mir ginn och d'Pëll, ouni dass Elteren dat mussen wëssen. An et gëtt een eben och net direkt ënnersicht.

Di Jonk sinn och frou, Informatiounen bei engem ze kréien, deen net Enseignant ass, an deen hien net méi rëm geseit.

#### Up2date:

*Wat fir ee Message gi dir de Jonken nach mat op de Wee?*

#### Mme Vinandy:

Sexualitéit ass eppes ganz schéines. Vertrauen Responsabilitéit ass wichtig. Engersäits gëtt et Gefor duerch AIDS an aner Krankheeten. Di Jonk sollen hier Erfahrung maachen, an Respekt virun Aneren hunn. A net vergiessen op sech selwer gutt opzepassen.

#### Up2date:

*Kënn dir lo nach kuerz soen, wou een de Planning Familial fënnt:*

#### Mme Vinandy:

- Et ginn dräi Plannungen hei am Land:
  - Zu Esch an der Uelzechtstross, bei der Galerie Mercure.
  - An der Stad un den Centre Medico Social ugebaut, zu Bouneweg.
  - An zu Ettelbréck, op der Haaptstroos, rue Kennedy wou de Match och dran ass vis-à-vis vum Centre Medico Social.

#### Up2date:

*Mme Vinandy, mir soen iech villmools Merci fir dat Gespréich ■*

Caroline Wagner 12GE1

